N°1563
Entrée le 16.01.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

**Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil, Max Hahn op d'parlamentaresch Fro n° 1563 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen iwwer de Personalschlëssel an den Offices sociaux.**

D'Regierung ass sech der beschriwwener Problematik bewosst. Aus dësem Grond gesäit de Koalitiounsaccord 2023-2028 eng Upassung vum Gesetz iwwer d'Sozialhëllef vir. Sou wäert de Ministère fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil d'Méiglechkeet studéieren, e sozio-ekonomeschen Index fir d'Berechnung vum Personalschlëssel vun den Offices sociaux anzeféieren. Dës Aarbechten sollen an enker Zesummenaarbecht mat den Offices sociaux duerchgefouert ginn.

An deem Kader sief och drun erënnert, dass de Personalschlëssel vun den Offices sociaux schonn op den 1. Januar 2023 ugepasst gouf, fir dës weider ze stäerken, a si bei der Ausféierung vun hire Missiounen zousätzlech z'ënnerstëtzen. Sou gouf de Personalschlëssel ëm 50% an d'Luucht gesat, d.h. vun 1 Sozialbetreiungsposten (personnel d'encadrement social) an 0,5 Administratiounsposten (personnel administratif) pro 6.000 Awunner op 1,5 Sozialbetreiungsposten an 0,75 Administratiounspost pro 6.000 Awunner.

Des weideren ass virgesinn am Laf vum Joer 2025 d'Ekippe vun den Offices sociaux, déi sech ëm sozial Wunnprojete këmmeren, mat zousätzleche Posten ze verstäerken. Déi genee Modalitéite heivu sinn de Moment am Gaangen ausgeschafft ze ginn.

Lëtzebuerg, den 15. Januar 2025

Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn